

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister widerzeleeden.

An enger Instruktioun un d'Léierpersonal an de Grondschoole vum 9. September 2020 schreift de Schoulministère, datt d'Schoulraim sollte geléift ginn, an zwar entweder doduerch, datt d'Fënstere sollten op Kipp stoen an d'Dieren opbleiwen oder awer duerch Stoussléftung.

No neiste wëssenschaftlechen Erkenntnesser, wéi et z.B. an engem tageblatt-Artikel vum 10. September 2020 stoung, ass et falsch, fir dovun auszegoen, datt d'Kanner sech manner liicht kéinten ustiechen oder d'Krankheet net esou liicht kéinten iwwerdroen.

Och rezent medezinesch Publikatiounen, z.B. am British Medical Journal (BMJ), insistéieren op d'Lëften, besonnesch och am Hibleck op d'Dauer vun der Expositioun vun de Leit op Aerosolen. An deem Kontext gëtt dann och d'Fro opgeworf, ob z.B. an engem Sall geschwat oder gesonge gëtt an esou virun. Allgemeng gëtt d'Gefor vum COVID an neie Publikatiounen éischer éinnerstrach, ewéi relativéiert.

Dowéinst muss een och d'Attitud vum Schoulministère kritesch hannerfroen. Et schéngt no neiste Fuerschung keng valabel Alternativ zu der Stoussléftung ze ginn.

Dowéinst wéilt ech dem Här Schoulminister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister sech bewusst, datt Lëften op Kipp net dee selwechten Effet huet, ewéi eng Stoussléftung? Mécht hien Efforten bei de Gemengen, fir sécher ze stellen, datt an all Schoul d'Fënstere kënnen allzäit grouss opgemaach ginn an datt d'Léierpersonal och déi néideg Schlësselen dofir kritt?
2. Ass den Här Minister sech bewusst, datt d'Passivbauweis et dacks méi schwéier mécht, fir d'Fënsteren opzemaachen? Misst een net d'Richtlinne fir de Bau vu neie Schoulen an dem Sënn festleeën, respektiv änneren, datt d'Fënsteren allzäit kënnen grouss opgemaach ginn?
3. Gëtt et eng Intentioun op Regierungssäit fir, do wou et der gëtt, d'Loftfilteranlagen an de Schoulen op e Stand ze bréngen, deen och géint Bakterien a Viren effikass ass? Ass iwwerall séchergestallt, datt déi verschidde Loftausstouss- respektiv Ventilatiounsreier

vun de Loftfilteranalgen an de Schoule wäit genuch ausernee sinn, fir eng Vermëschung vu Loftstréimungen ze verhënneren? Gëtt dat iwwerpréift?

4. Ass den Här Minister sech bewosst, datt et am Handel mobil Filteren ze kafe gëtt, déi e grouse Bäitrag kéinte leeschten, wëll si, änlech wéi an de Fliger, op eng iwwer 99-prozenteg Filterung ugeluecht sinn an domat och géint Viren a Bakterien an Aerosole kéinten agesat ginn? Ass geplangt, d'Schoule mat esou Filteren ze equipéieren?
5. Wär et net sënnvoll, d'Gréisst vun de Schouklasse (Zuel vun de Schüler) an Zukunft am Verhältnis zu de Kubikmeter Rauminhalt, also och dem Volume Loft an de Schoulraimlechkeete festzeleeën, fir méi Espacement an domat méi Sécherheet ze garantéieren?
6. Am Hibeléck op de Schutz virum COVID-Virus bleift de Schoultransport e ganz schwaacht Glidd an der Ketten, wëll d'Kanner an déi Jonk do an engem zouene Raum a fir e relativ laangen Zäitraum ganz no beienee sinn. Denkt d'Regierung drun, fir progressiv besser Maske fir de Schoultransport zur Verfügung ze stellen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten